N°3026
Entrée le 18.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3026 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

1. **Kann d'Regierung Informatioune ginn ob d'Liewensmëttelfaarfstoffer Red 40 (E129), Yellow 5 (E102), Yellow 6 (E110), Blue 1 (E133), Blue 2 (E132) a Green 3 (E143) aktuell a Liewensmëttel benotzt ginn, déi an de Kantinne vu Restopolis, de Grondschoulen an de Maisons Relais ugebuede ginn?**

An de Kantinnen a Cafeteriae vu Restopolis ginn aktuell keng Produkter a kee Gedrénks verkaf, an deenen déi vun dem honorablen Deputéierten opgeléschte Liewensmëttelfaarfstoffer dra sinn. Fir all déi hausgemaachte Platen a Produkter benotzt Restopolis guer keng Faarfstoffer. Hei sief kuerz dorop higewisen, datt d'Faarfstoffer E129, E102, E110, E133 an E132 virun allem an industriell hiergestallte Produkter benotzt ginn an de Faarfstoff E143 an der EU verbueden ass an net fir Liewensmëttel benotzt däerf ginn.

An de Bildungs- a Betreiungsservicer (SEA) gëtt net mat engem zentrale Fournisseur geschafft. D'Träger vun dëse Servicer kënnen, ofhängeg vun hirer Organisatioun, d'Iessen entweder an enger eegener Kichen zoubereeden oder vun engem externe Fournisseur liwwere loossen. Et gëtt a béide Fäll keen zousätzleche Cahier des charges vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE), deen d'Benotze vu bestëmmte Liewensmëttel oder Zousazstoffer reegelt. Den Artikel 18 vum ofgeännerte groussherzogleche Reglement vum 14. November 2013[1] hält awer fest, datt e SEA eng equilibréiert Ernärung ubitt, déi op frësch Produiten opgebaut ass a sech dem Alter vun de Kanner upasst. D'Träger a Fournisseure sinn deemno verflicht, eng gesond an equilibréiert Ernärung ze garantéieren.

D'Kontroll vun de Liewensmëttel an d'Iwwerpréiwung vun der Konformitéit mat de sanitäre Bestëmmunge falen awer net ënnert d'Responsabilitéit vum MENJE, mee ënnert déi vun der Lëtzebuerger Veterinär- a Liewensmëttelverwaltung (ALVA), déi dem Ministère fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau ënnersteet. D'ALVA féiert reegelméisseg Kontrollen an de Servicer, déi eng Produktiounskichen hunn, duerch, souwéi bei den externe Fournisseuren, fir sécherzestellen, datt d'Liewensmëttel de gültegen Normen a Sécherheetsstandarden entspriechen.

Zum aktuellen Zäitpunkt leien dem MENJE keng Informatiounen doriwwer vir, ob oder awéiwäit d'Träger oder hir Fournisseuren déi an der parlamentarescher Fro genannt Liewensmëttelfaarfstoffer benotzen.

2. **Gëtt et en Tracking oder e Monitoring vun der Frequenz an der Quantitéit, an där dës spezifesch Faarfstoffer an de Moolzechten an am Gedrénks fir Kanner a Jugendlecher virkommen? Wann jo, kann d'Regierung dës Donnéeën zur Verfügung stellen?**

Wéi uewen erkläert, fält d'Kontroll vun de Liewensmëttel an d'Iwwerpréiwung vun der Konformitéit mat de sanitäre Bestëmmungen an de Kompetenzberäich vun der ALVA. Esou en Tracking oder Monitoring gëtt net vum MENJE duerchgefouert.

[1] *Règlement grand-ducal modifié du 14 novembre 2013 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires de services d'éducation et d'accueil pour enfants*

3. **Wéi eng konkret Richtlinne gëllen aktuell an de cahiers des charges fir d'Fournisseure vu Schoulkantinnen am Bezuch op d'Benotze vu syntheeteschen Zousätz a Faarfstoffer?**

Restopolis definéiert iwwert déi eegen Akafsplattform *Supply4Futur*e, iwwert déi all Restopolis-Kantinnen akafen, wat fir eng Produkter do däerfen ugebuede ginn. Fäerdeg Produkter, déi zum Beispill déi vum honorabelen Deputéierten opgeläschte Liewensmëttelfaarfstoffer enthale kéinten, sinn net op dëser Plattform.

4. **Wéi bewäert d'Regierung de potentielle Risiko vun dëse Faarfstoffer am Liicht vun der EU-Warnungspflicht? Ass d'Regierung der Meenung, datt Liewensmëttel mat esou enger Warnung an engem Schoul- a Betreiungsëmfeld iwwerhaapt solle Plaz hunn?**

D'European Food Safety Authority (EFSA) ass eng vun den Haaptagencë vun der Europäescher Unioun, déi fir d'Bewäertung vun de Risike verantwortlech ass, déi d'Liewensmëttelsécherheet an d'Ernärungskette betreffen.

Dës Autoritéit evaluéiert reegelméisseg déi zougeloosse Substanzen, a wann néideg, gëtt d'europäesch Legislatioun ugepasst. Wann eng Substanz e potenzielle Risiko fir d'Gesondheet kéint duerstellen, ka si op europäeschem Niveau mat enger Warnungsobligatioun oder Restriktioune beim Asaz verbannt ginn.

D'Regierung hält sech streng un dës europäesch Bestëmmungen. Liewensmëttel, déi enger EU-Warnung ënnerleien, dierfen deemno nëmmen ënner de Konditioune vermaart ginn, déi vun der EU virgesi sinn, an ënnerleien de Kontrollen vun der ALVA.

Am Kader vun de SEA ass d'Prioritéit kloer:
- d'Ernärung muss gesond an equilibréiert sinn,
- d'Kanner däerfen net mat schiedleche Substanzen a Kontakt kommen.

5. **Gesäit d'Regierung – nom Virbild vu Kalifornien an am Sënn vum Virsiichtsprinzip – Handlungsbedarf, fir d'Benotzung vun dëse spezifesche syntheetesche Faarfstoffer an de Moolzechten, déi ënner staatlecher Opsiicht u Kanner a Jugendlecher zerwéiert ginn, ze limitéieren oder komplett ze verbidden?**

D'Regierung ass sech de Suerge bewosst, déi am Zesummenhang mat bestëmmte syntheetesche Liewensmëttelfaarfstoffer bestinn, an deelt de Prinzip vun der Virsiicht.

D'Bewäertung vun dëse Substanze fält an d'Kompetenz vun der EFSA, wärend d'ALVA zoustänneg ass fir d'Iwwerpréiwung an d'Kontrolle vu Liewensmëttel um nationale Plang. Wann op europäeschem Niveau Restriktiounen oder Verbueter virgesi ginn, ginn dës och zu Lëtzebuerg konsequent ëmgesat.

Dem MENJE ass eng gesond an equilibréiert Ernärung fir Kanner a Jugendlecher wichteg an de Ministère ass dofir beméit, op deene Plazen, wou en zoustänneg ass, ze garantéieren, datt d'Moolzechte keng schiedlech Substanzen enthalen.

Lëtzebuerg, den 18. November 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH